N°2140
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An engem ëmmer méi digitaliséierte Gesondheetswiese spillt Kënschtlech Intelligenz (KI) eng ëmmer méi wichteg Roll fir d'Verbesserung vun der Diagnostik, der Effizienz an der allgemenger Gesondheetsversuergung.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. A wéi enge Beräicher gëtt Kënschtlech Intelligenz aktuell an de lëtzebuergesche Spideeler agesat? Kënnt Dir eng detailléiert Iwwersiicht iwwer déi aktuell Uwendungsfelder ginn, besonnesch wat d'Diagnostik, d'Administratioun an d'Betreiung vun de Patienten ubelaangt?

2. Ginn et konkret Donnéeën iwwer d'Effizienz an d'Qualitéitsverbesserung duerch den Asaz vu KI an eise Spideeler?

3. A wéi enge spezifesche medezinesche Beräicher ass den zukünftegen Asaz vu KI konkret geplangt? Ginn et speziell Projeten oder Ënnerstëtzungsprogrammer fir den Asaz vu KI:
   - an der Computertomographie (CT)
   - bei IRMen
   - bei Labo-Analysen
   - an der Echographie
   - bei anere diagnostesch Methoden

4. Wéi medezinesch Geräter sinn aktuell um Stand fir mat KI-Technologien opgerëscht ze ginn? Kann d'Ministesch eng detailléiert Oplëschtung pro Spidol a Gerätertyp uginn?

5. Existéieren offiziell Zäitpläng oder Pilotprojete fir KI an de Spideeler weider auszebauen? Falls jo, wéi eng Zäitraim sinn an de verschiddene medezinesche Beräicher virgesinn?

6. Wéi gëtt d'Dateschutzrecht am Kader vum Asaz vu KI-Systemer an de Spideeler garantéiert, a wéi eng spezifesch Moossnamen huet d'Regierung geholl, fir d'Sécherheet vun de sensibele Patientendaten ze garantéieren?

7. Wéi gesäit d'Regierung d'Investitiounsstrategie an d'Finanzéierung vun dësen digitalen Innovatiounen am Gesondheetswiesen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten